# Fairtrade Quiz & Sensibiliséierungsstand um Dag an der Natur

Um Dag an der Natur (8. Juni 2024) huet de Fairtrade Aktiounsgrupp e Sensibiliséierungsstand zum Thema Fairtrade Gemeng gemaach. Dobäi ass och e Fairtrade Quiz ausgeschafft ginn. Et gouf eng Kannervariant an eng Erwuessenenvariant. Wann een d´Froen da beäntwere konnt, duerft een sech e Cadeau aus dem fairen Handel eraussichen. D´Iddi hannert dem Quiz war et, datt d´Léit nodeems se um Stand passéiert sinn, méi iwwert de fairen Handel wëssen, ewéi virdrun.

Fir den Informatiounsstand ware verschidde Flyeren (Kachrezepter, Fairtrade News, Posteren (Fairtrade Standards,…) an der Stad Esch hiren eegene Roll-Up zur Fairtrade Gemeng am Asaz.




Foto vum Service Ecologique vun der Stad Esch

Beim Kannerquiz goufen et 5 Froen ze beäntweren. Se sinn all em Produkter aus dem fairen Handel gaangen. Et ass dorëms gaangen de Kanner op spilleresch Aart a Weis eppes Neies bäizebréngen. (Bsp. Wie gesäit d´Planz aus aus der de Schockela entsteet?) Dofir war et och net schlëmm wann d´Kanner déi eng oder aner Fro net wossten, se duerften sech trotzdeem e Cadeau eraussichen. Esou hunn d´Kanner elo och all e Produkt (Spillsaach oder eppes fir ze iessen) aus dem fairen Handel doheem. D´Kannerfroe goufe vum Service Ecologique vun der Stad Esch ausgeschafft an an Zesummenaarbecht mat der interner Grafikerin optesch ausgeschafft ginn. De Kannerquiz gouf op Lëtzebuergesch, Franséisch an Englesch ugebueden.

Beim Erwuessene Quiz ware mir do scho mei streng. Et ass eng mei schwiereg Fro gestallt ginn, entweder et konnt een se schonn direkt richteg beäntweren oder et huet een den Text dozou liese

**Ville d'Esch-sur-Alzette**
Hôtel de Ville B.P. 145
L-4002 Esch-sur-Alzette

**Anna URWALD**
Service Ecologique

missen, wou d´Äntwert dran ze fanne waren. Déi Erwuesse konnten sech aus 8 Themen, 2 Froen eraussichen, déi se interesséiert hunn. Wann des 2 Froen da richteg beäntwert goufen, duerften se sech e Cadeau eraussichen. D´Froe vum Erwuessenenquiz hu mir vu Fairtrade Lëtzebuerg gestallt kritt a mat Hëllef vun eiser interner Grafikerin sinn se optesch opgeschafft ginn. Den Erwuessenenquiz ass op Däitsch a Franséisch ugebuede ginn.

E Beispill vun enger Kannerfro an enger Erwuessenenfro:





BANANE

Die sozialen, wirtschaftlichen und ökologischen Herausforderungen des Bananenanbaus

Fairtrade-Bananen sind neben Kaffee und Kakao eines der Hauptprodukte der Fairtrade-Bewegung. Im Jahr 2022 konnte die leckere gelbe Frucht in Luxemburg einen Anstieg von +2% verzeichnen. Heute stammt etwa jede dritte Banane, die in Luxemburg verzehrt wird, von einer Fairtrade-zertifizierten Kooperative. Trotz dieser Popularität sieht die Realität für die Produzenten anders aus. Da die Einzelhandelspreise regelmäßig weit unter den tatsächlichen Produktionskosten liegen, ist es nicht verwunderlich, dass die Produzenten und die Arbeiter, die sie - oft unter schwierigen Bedingungen anbauen, sagen, dass ihr Leben und ihre Tätigkeit nicht nachhaltig sind.

Nachhaltigkeit betrifft nicht nur die Umwelt. Sie betrifft auch die Preise, die Gewinnspannen, die Arbeitsbedingungen und die verfügbaren Arbeitskräfte. Ohne faire Preise, existenzsichernde Löhne und die Achtung der Menschenrechte steht die Bananenindustrie vor einem langfristigen Niedergang. Wenn man dann noch die Klima-, Biodiversitäts- und Migrationskrisen hinzufügt, hat man ein wahres Rezept für eine Katastrophe.

Über 35.000 Fairtrade-Bananenarbeiter und -Produzenten sind für ihren Lebensunterhalt von 265 Produzentenorganisationen in der ganzen Welt abhängig, vor allem aber in Lateinamerika, der Karibik und Westafrika. Es handelt sich dabei sowohl um kleine Familienbetriebe als auch um große Plantagen, und obwohl es ihnen in der Regel besser geht als ihren konventionellen Kollegen, sind sie keineswegs vor diesem Druck befreit.

Um ein Sicherheitsnetz für die Produzenten zu schaffen, hat die Fairtrade-Bewegung ein neues, nachhaltiges Tool entwickelt, um angemessene Löhne und Einkommen und belastbare Lieferketten zu erreichen. Im Fokus dieses neuen Tools stehen drei Elemente, die im Bananenhandel eine entscheidende Rolle spielen: ein kürzlich aktualisierter Fairtrade-Mindestpreis, ein Referenzpreis für einen existenzsichernden Lohn und ein brandneues Fairtrade-Differenzial für existenzsichernde Löhne. Zusammen zielt dieses ökonomische und soziale Paket darauf ab, existenzsichernde Löhne und widerstandsfähige Lieferketten Wirklichkeit werden zu lassen.

Fair is the new trade

Welches Hauptproblem beschäftigt Produzenten in der Bananen-Branche?

Es gibt kein existenzsicherndes Einkommen bzw. keinen existenzsichernden Lohn

Geschlechterungleichheit

Kinderarbeit

ekologesch
#LIEWENZUESCH
esch

Puer Fotoen ewéi de Quiz um Stand ausgesinn huet:






Fotoen vum Service Ecologique vun der Stad Esch

Op dëser Foto geséit een d´Präisser aus deenen een sech een eraussiche konnt, wann ee beim Quiz matgemaach huet. All d´Präisser sinn aus dem fairen Handel. Mir hu wou nëmme méiglech d´Cadeauen am Weltbuttek zu Esch kaf, fir esou och nach e lokaalt Geschäft ze ënnerstëtzen. Et goufe Saache fir ze iessen an drénken, ewéi Orangëjus, Ice Tea, Tablett Schockela, Banannen a Rosenen am Schockela. An awer och Spillsaachen, ewéi Petzien, Holzautoen a Fairtrade Fussbäll.



Foto vum Service Ecologique vun der Stad Esch

<table>
<tr>
<td>

Foto vun der Ville d´Esch/Emile Hengen</td>
<td>Témoignage:<br><br>„Déi meescht Léit, déi bei de Stand komm sinn, hin de Fairtrade scho kannt an och ganz positiv iwwert e geduecht.<br><br>D´Kanner hunn éischter de Quiz gemaach ewéi d´Elteren den Erwuessenenquiz. D´Elteren hunn de Kannerquiz ganz gewëssenhaft mat hire Kanner gemaach a ware selwer interesséiert ze gesinn op hiert Kand d´Äntwert wosst.<br>De Kannerquiz ass also ganz gutt ukomm.<br><br>D´Spillsaache ware mei beléift ewéi d´Iesswueren.<br><br>Et war gutt Wieder a vill Leit waren um Stand. Wann een de Verbrauch vun de Cadeau´e kuckt, missten ongeféier 80 Leit beim Stand gewiescht sinn.“</td>
</tr>
</table>

Koordination:

esch
Service Ecologique